

## **Powered by Landjugend**

No der grousser nationaler Editioun vun der 36-Stonnen-Aktioun am Joer 2005, wou déi siwe regional Landjugendgruppen aus dem Land zesummen an der Fuussekaul zu Heischent eng grouss Adventure-Spillplaz opgeriicht haten, stoungen d'Joer erëm regional Aktivitéiten um Programm. Am Virfeld hat sech all Grupp eng Gemeng aus hirer Géigend erausgesicht, wou si e Projet réaliséiere wollten.

Den 23. September war et dunn endlech esou wäit. Samschdes moies fréi - de Sully Prud'homme hat et och schon op Radio Lëtzebuerg ugekënnegt - waren d'Gruppen all gespaant, wat fir eng Aufgab si an deenen nächste 36 Stonnen ze realiséieren hätten. Nodeems d'Gemengeresponsablen deenen eenzelne Gruppen hire Projet virgestallt haten, sinn d'Käpp nach eemol iwwert d'Pläng gehale ginn a scho konnt et un d'Aarbecht goen. Iwwerall am Land hunn si d'Handwierksgeschir zesammengesicht an no kuerzer Zäit konnten déi éischt Handgrëffer gemaach ginn.

### **Landjugend Zenter Grillhaischen am Worres-Park zu Réiden**

Beim „Zenter“ war samschdes moies dunn direkt Muskeltraining ugesot. D'Haaptgerüst vum Grillhaischen am Worres-Park zu Réiden gouf opgeriicht.

Sonndes huet den Daach dunn op d'Gerüst gesat misse ginn. Als Nationalpresident vun der Lëtzeburger Landjugend hunn ech mech dunn awer emol aus dem Stëbs gemaach fir mir e Bild vun den Aufgabe vun deenen anere Landjugendgruppen ze maachen.

### **Landjugend Dikkrich Picknik-Pavillon um Goldknapp zu Ierpeldeng**

Mäin éischt Zil war de Goldknapp zu Ierpeldeng bei Ettelbréck. D'Landjugend Dikkrich huet hei e Picknick-Pavillon opgeriicht. Och si hunn esou gekeimt, wéi mir zu Réiden, fir dat Stéck zesammenzesetzen. Zum Zäitpunkt, wou ech ukomm sinn, ware schon e puer Leit vun deenen „Dikkricher“ amgang d'Brieder op den Daach vum Pavillon ze schrauwen. Si waren och ganz zouversichtlech, datt si de Projet bis owes ofschléissen kéinten.

### **Landjugend Uewersauer Verleeë vu Verbundsteng zu Bärel**

Vun Ierpeldeng aus sinn ech dunn op Bärel bei d'Landjugend Uewersauer gefuer. Do am Duerf waren d'Aarbechte vun der LLJ Uewersauer jiddefalls net ze iwwersinn. Déi ganz Strooss war mat schwéiere Maschinne blockéiert. Hir Aufgab war et, Rasengitter lanescht d'Strooss eraus ze huelen a mat Verbundsteng ze ersetzen. Déi éischt Rasengitter huet de Grupp nach mat der Hand erausgeholl. Kuerz drop stoung awer e kleng Bagger an en Teleskop-Lader op der Plaz. Obschonn datt si am Akkord geschafft hunn, war de President vun der LLJ – Uewersauer, de Philipp Cordier sech net sécher, ob si hiert Zil, d'Steng bis op d'Kräizung ze leeën, géifen an der virgeschriwwener Zäit erreechen.

### **Landjugend Cliärref Verschéinerung vum Terrain ronderëm de Kierfecht zu Maarnech**

Mäi Wee huet mech weider op Maarnech bei déi „Cliärrefer“ gefouert. Si sollten den Terrain ronderëm de Kierfecht verschéinere. Deemno huet zu hirer Aufgab d'Planze vun Hecken an d'Verdeele vu Rindenmulch gehéiert. D'Gemeng hat de Power vun der Landjugend Cliärref wahrscheinlech awer net richteg ageschat well soss hätten si hinnen direkt eng adaptéiert Aarbecht opgedroen. Déi Jonk hunn sech dunn eng afale gelooss an deene Verantwortleche vun der Gemeng eng zousätzlech Aufgab proposéiert. Sou hunn si den Terrain niewent dem

Kierfecht - wou eng Kéier eng Spillplaz soll dropstoe kommen - ëmgeplout a mat Gras ugeséit. Dëst ganz nom Motto: Wann dir net wësst wee mir sinn, da weise mir lech et!

### **Landjugend Furen Amenagéiere vum Agang vun der Koffergrouf zu Stolzebuerg**

Déi véiert Plaz vu mengem Tour war de Site vun der Koffergrouf zu Stolzebuerg. Hei huet d'Landjugend Furen en hëlzenen Iwwerdaach am Agang vun der Grouf opgeriicht. Dës Konstruktioun sollt de Stil vun de Stäipen zréckginn, déi fréier an de Minnen agesat goufen. Zousätzlech ass den Terrain ronderëm den Agang vun der Minn an d'Rei bruecht a Bänken an dee bestehende Pavillon frësch ugestrach ginn. Déi „Furener“ konnten e Sonndeg de Mëtteg jiddefalls ganz sécher sinn, datt si hir Aufgab bis owes realiséiert hätten.

### **Landjugend Maacher Opriichte vun enger Spillplaz zu Hénkel**

Vu Stolzebuerg aus ass meng Visite du weider laanscht déi däitsch Grenz bis op Hénkel bei Rouspert gaang. Hei war d'Landjugend Maacher um Wierk fir eng Spillplaz mat Rutschbahn opzeriichten. Wéi si hire Projet samschdes moies vun deene Gemengeverantwortleche virgestallt kruten, waren si vun engem gemittleche Weekend ausgaangen. Awer et kënnt oft anescht, wéi dat wat een sech erwaart. Honnerten an Honnerte vu Schrauwe brauche jiddefalls hir Zäit, bis se agedréint sinn. ☺

Trotzdem konnten déi „Maacher“ e Sonndeg den Owend stolz op d'Resultat vun hirer kniwweleger Aarbecht sinn.

### **Landjugend Süden Opriichte vun enger Terrass beim Weier vum Fleegeheim zu Beetebuerg**

Déi lescht Etapp op menger Visite vun de Projete vun der dësjäreger Landjugend-Power-Aktioun huet mech op Beetebuerg bei d'Landjugend Süden gefouert. Och si waren dee Moment nach fläisseg um schaffen mam Zil owes fäerdeg ze gin. Hir Aufgab war et, hannert dem Fleegeheim beim Weier eng Terrass ze bauen, wou d'Pensionären aus dem Fleegeheim sech bei d'Waasser kënne setzen. Dës hëlze Plattform mat Gelänner ronderëm ass aus Käfferen a Brieder zesummesat ginn, déi vun de Memberen aus dem „Süden“ op d'Mooss hu misse geschnidden, dunn agepasst an zesummeschrauwte oder verläimt ginn. Un Aarbecht huet et also och hei net gefeelt.

### **Zréck op Réiden**

Géint der Owend, hunn ech mech dunn op de Wee fir bei d'Landjugend Zenter op Réiden gemaach an der Iwwerzeegung, hei wäeren eis Membere schonn esou gutt ewéi fäerdeg mam Projet. Mee et sollt anescht kommen. Och dës Aarbecht hat et an sech. Virun allem beim Opbau vum Daach vum aachteckege Grillhaische gouf et vill Gekniwwels. Mat e puer Scheinwerfer konnt dunn och den „Zenter“ säi Projet endlech um 20:30 Auer fäerdeg stellen.

### **Grousse Succès! Grousse Merci!**

Ofschléissend wëll ech all deene Jonken ee grousse MERCI soen, déi hir „Power“ fir dës 36-Stonnen-Aktioun zur Verfügung gestallt an dofir gesuergt hunn, datt och dës fënneft Editioun ee volle Succès ginn ass.

E Merci geet awer och un déi Verantwortlech aus deene siwe Gemengen, déi d'Lëtzebuurger Landjugend bei sech emfaangen hunn an sech e flotte Projet ausgeduecht haten.

An dësem Senn freeën ech mech schonn op déi nächst Editioun wann et erëm heescht: *Mir wëssen net wat mir maachen, mee mir maachen et fir lech!*

**Remy Harpes  
Président LLJ**